# VIRLIES-CONCOURS 2012



Virlies-Conco




copyright: Ministère de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle

rédaction: Jeanne OFFERMANN, Josiane SCHAUL
SCRIPT • 29, rue Aldringen • L-2926 Luxembourg

tél.: 247-85936

illustration: Marina Herber

internet: www.men.lu

# VIRWUERT

De Virlies-Concours gëtt dëst Joer fir déi siwente Kéier vum Erzéiungsministère organiséiert an huet duerch d'Jore seng fest Plaz am Schoulkalenner fonnt. De Concours adresséiert sech un d'Schülerinnen an d'Schüler vum 4. Zyklus.

Beim Virlies-Concours 2012 steet d'Liesen op Lëtzebuergesch an op Däitsch am Mëttelpunkt. Déi jonk Lieserinnen a Lieser hunn e risege Choix u Bicher aus deene si hire Lieblingstext eraussichen a virliese kënnen, sief dat am Klassesall, am Schoulgebai, an der Halleffinale an natierlech och an der Finale.

Bei der Promotioun vum Liese gëtt op sämtlech literaresch Genren zréckgegraff, ob dat elo Sachbicher, Bandes dessinées, Science-fiction, Lyrik oder Theaterstécker sinn. Wann d'Kanner mat villerlee Bicher a Kontakt kommen, dann ass d'Chance grouss, datt jiddereent sech fir dëtt oder dat Buch begeeschtert. Mat Satisfaktioun stellen ech fest, datt an eise Schoule ganz vill exzellent Projete ronderëm d'Liesen an d'Bicher lafen.

Et läit an der Natur vun esou engem Virlies-Concours, datt staark „Geschichten" aus der Kanner- a Jugendliteratur sech am beschten eegne fir eng Lektür vru Publikum.

Dëst Joer ass d'Finale vum Virlies-Concours en Donneschdeg, den 21. Juni, zu Iechternach am Trifolion. D'Plaz ass erausgesicht ginn, well d'Finale souzesoen duerch d'ganz Land reest an all Joer op enger anerer Plaz organiséiert gëtt. D'Geleeënheet soll awer net verpasst ginn, drop hinzeweisen, datt Iechternach enk mat der Buchkonscht verbonnen ass an datt hei am Mëttelalter dee berühmte Codex Aureus entstanen ass. Intressant ass och, datt Iechternach zanter 2002 d' Kanner- a Jugendbuchautoreresidenz "Struwwelpippi kommt zur Springprozession" huet.

Dem Virlies-Concours 2012 wënschen ech e grousse Succès an invitéieren de Finalistinnen a Finalisten hir Enseignanteën an Enseignanten, hir Famill, hir Schoulklass an all Interesséierten op d'Finale. D'Performancë vun de Virlieser an en zousätzleche musikalesche Programm wäerte fir en ofwiesslungsräichen Nomëtteg suergen. All deenen, déi op déi eng oder aner Manéier beim Concours hëllefen, soen ech en häerzleche Merci.

Mady Delvaux-Stehres
Ministesch fir Erzéiung a Beruffsausbildung

# FINALE 2011 AM CENTRE CULTURE












L OPDERSCHMELZ ZU DIDDELENG












Virlies-Conco

# WÉI LEEFT DE CONCOURS OF?

1. An de Klasse vum 4. Zyklus vum ganze Land ginn déi klassebescht Virlieser a Virlieserinnen ermëttelt.

2. Da kënnt eng Entscheedung an dem Schoulgebai, d. h. déi schoulbeschte Virlieser a Virliesere rinne ginn ermëttelt. Mellt dat Kand, dat an Ärem Gebai gewonnen huet, bis spéitstens freides, den 30. Mäerz 2012 mat deem Formulaire, deen an der Broschür ass.

3. **Mee/Juni:** An den 21 Bezierker sinn Halleffinallen.

4. **21. Juni 2012:** D'Finale ass fir de Landesbeschten oder déi Landesbescht ze fannen. Dëst Joer ass d'Finale am Centre culturel Trifolion, 2, Porte Saint-Willibrord, L-6486 Iechternach.

# WAT GËTT GELIES?

## a) d'Kanner siche sech en Text eraus

Dëst Joer gëtt op Lëtzebuergesch oder op Däitsch gelies.

Gelies gëtt net aus Schoulbicher an näischt vun enger Fotokopie erof, also mir liesen aus Kannera Jugendbicher vir, awer keng Gedichter a keng Theaterstécker.

D'Léierpersonal hëlleft de Kanner, wann déi net gläich e Buch bei Hand hunn. Zesumme kucke si, ob d'Buch dem Alter vum Kand entsprécht a si sichen eng Plaz am Text eraus, déi sech gutt eegent fir virgelies ze ginn.

D'Lieszäit ass 3-5 Minutten. Op de Säiten 9 an 10 sti Kritären, déi et erlaben d'Liesen ze bewäerten.

## b) de Jury proposéiert en Iwwerraschungstext

Fir datt sech am Concours e Gewënner / eng Gewënnerin erausschiele kann, gëtt et eventuell och en Iwwerraschungstext.



## Wie bewäert d'Virliesen?

Op deenen zwee éischten Niveaue si Léierpersounen a Kanner am Jury ,op dem drëtten Niveau kënnt d'Inspektorat derbäi. Fir d'Finale sinn et Leit aus dem Bicher- a Kulturmilieu: Schoul, Librairie, Bibliothéik, Theater, Conservatoire, Radio an Televisioun. Den Entscheed vun der Jury kann net ugefecht ginn. De Rechtswee ass ausgeschloss.

D'Finale vum 21. Juni gëtt vun engem kulturelle Programm encadréiert.

## Wat gëtt et ze gewannen?

Op all Niveau ginn et Buchpräisser ze gewannen, zum Schluss e Buch an e Bicherscheck.



# WÉI GËTT D'VIRLIESE BEWÄERT?

Beim Virlies-Concours geet et net nëmmen drëm, en astudéierten Text feelerfräi erofzeliesen. Déi däitlech Ausssprooch, eng sënngeméiss Betounung an de richtege Liestempo si wichteg. Donieft muss d'Kand duerch säi Liese weisen, datt hatt den Text verstanen huet. Flott wier et och, wann d'Kand den ausgewielten Text mat e puer Wierder an de Kontext vum Buch géif setzen.
Den ausgewielten Text soll natierlech dem Alter vum Kand entspriechen.
Engagéiert Virliesen huet näischt mat Schauspillerei ze dinn.



# BEWÄERTUNGSKRITÄREN

**Bei der Bewäertung ginn et dräi Kritären:**

**1. Technik vum Liesen**
Liest d'Kand flësseg, schwätzt hatt däitlech aus, betount hatt sënngeméiss, liest hatt am richtege Liestempo?
Verspriecher sollen net iwwerbewäert ginn!

**2. Textverständnis**
Mierkt een, datt d'Kand den Text verstan huet? Kann hatt den Text an de Kontext vum Buch setzen? Huet hatt seng Zäit (Lieszäit 3-5 Minutten) gutt geplangt?

**3. Textgestaltung**
Geléngt et dem Kand, d'Stëmmung an d'Atmosphär vum Text anzefänken? Net gemengt ass domat iwwerdriwwe Schauspillerei.

**Fir weider Informatiounen / eis Kontaktadressen:**

jeanne.offermann@men.lu
josiane.schaul@men.lu
Tel. 247-85936
Fax 247-85137

# DEE BESCHTE VIRLIESER/
# DÉI BESCHTE VIRLIESERIN AUS EISER SCHOUL:

Gemeng:

Schoulgebai:

Kand: Klass: Cycle 4 ___

Léierpersoun: Email:

Inspekter/Inspektesch:

Numm vum Kand:

Adress:

Numm vun der Schoul:

Adress:

Telefon:

Auteur an Titel vum Buch:

**Ministère de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle**
Virlies-Concours
Bureau 503
L-2926 Luxembourg

Fax: 247-85137
Email: jeanne.offermann@men.lu
josiane.schaul@men.lu

Op Initiativ vum Ministère de l'Education nationale
et de la Formation professionnelle

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale
et de la Formation professionnelle